Eppelduerfer a.s.b.l. · F10506
Rullewee, 5 · L-9365 Eppelduerf
12. Dezember 2024

# ÄNNERUNGE VUN DE STATUTEN

# Eppelduerfer a.s.b.l.

## PRÄAMBEL

De 29. August 2015 gëtt tëschent de Persounen

Chiesa Nadia, éducatrice diplomée, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Moutfort,
Da Silva Victor, Schüler, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Chrëschtnech,
Elsen Melanie, geleiert Mediendesignerin, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Beaufort,
Esch Philippe, Mechatroniker, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Stegen,
Friederes Fränz, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Friederes Ken, Hëllefskraaft, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Friederes Lisa, Studentin, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Friederes Marc, landwirtschaftlech Hëllefskraaft, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Friederes Mona, Schülerin, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Lentz Laura, Studentin, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Lutgen Nikita, Schülerin, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Bascharage,
Mangers Jeff, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Beaufort,
Vandervaeren Jean-David, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Beaufort,
Willems Sacha, Brandschutztechniker, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Diekirch,
Zirves Michèle, éducatrice, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Wuelessen,

eng Vereenegung ouni Gewënnzweck gegrënnt, déi de virleienden Statutten an dem Gesetz vum 7. August 2023 ~~21. Abrëll 1928 (ofgeännert duerch d'Gesetz vum 22. Februar 1984 an duerch d'Gesetz vum 4. Mäerz 1994)~~ vun de Vereenegungen ouni Gewënnzweck (weiderhin „d'Gesetz" genannt) ënnerläit.

KAPITEL IV

# Generalversammlung

Art. 16

D'Pouvoire vun der Generalversammlung sinn duerch Artikel ~~Artikel 4~~ Artikel 14 vum Gesetz, wei och duerch déi virleiend Statute bestëmmt.

Art. 18

D'uerdentlech Generalversammlung gëtt jäerlech duerch de Virstand aberuff. Se muss mindestens ~~14 Deeg~~ 15 Deeg am Viraus mat festgeluechter Dagesuerdnung bäi de Memberen ugekënnegt ginn.

Eng ausseruerdentlech Generalversammlung kann zu all Moment aberuff ginn, sief et duerch d'Entscheedung ~~vum President~~ vun dem/der President_in oder duerch eng ~~1/3 Majoritéit~~ 1/5 Majoritéit vun den aktive Memberen.

Art. 19

~~D'Generalversammlung gëtt duerch de Virstand aberuff. Se muss mindestens 14 Deeg am Viraus mat festgeluechter Dagesuerdnung bäi de Memberen ugekënnegt ginn.~~

D'Ukënnegung an d'Generalversammlung kenne ganz oder zum Deel elektronesch duerchgefouert ginn. Memberen, déi elektronesch un der Generalversammlung deelhuelen an hir Identifikatioun erlaben, ginn als präsent ugesinn.

KAPITEL V

# Virstand

Art. 22

De Virstand (Conseil d’Administration) ass no ~~Artikel 13~~ Artikel 5 vum Gesetz mat der Verwaltung vum Veräin a mat der Féierung vun de lafende Geschäfter beoptraagt an duerf iwwer alles entscheeden, wat net duerch d’Generalversammlung, duerch déi virleiend Statutten oder duerch d’Gesetz bestëmmt gouf.

Art. 27

De Virstand trëtt a Versammlungen zesummen, sou oft et d’Interesse vum Veräi verlaangen. En ass beschlussfäheg wann op mannst d’Halschent vun de Virstandsmembere präsent oder repräsentéiert sinn. Bäi Ofstëmmungen entscheet eng einfach Stëmmemajoritéit vun de Virstandsmembere déi präsent oder repräsentéiert sinn. Bäi Stëmmegläichheet gëllt d’Stëmm vun dem/der President_in duebel.